

Lëtzebuerg, den 20. November 2015

Formation continue

Kolleginnen a Kollegen,

an der Suite vun der éischter Sëtzung vum Comité permanent an als Resultat vu konstruktive Pourparlere vun den Delegierte vun der FÉDUSE mat Representante vum Ministär kënnen mir folgend Verbesserunge bei de Modalitéite vun der Formation continue vun den Enseignante verbuchen:

- Am Fall, wou een Enseignant un engem **Deel vun enger Formation continue** um IFEN net konnt deelhuele, gëtt him de Rescht vun där Formation continue **kreditéiert**, virausgesat dass hien eng motivéiert formell Excuse beim Direkter vum IFEN eragëtt.
- Formatiounen, déi net mat der Tâche d'enseignement zäitlech iwwertenee falen, müssen **net méi am Virfeld vum Direkter ofgeseent** ginn. Den Enseignant huet d'Recht, déi Formatiounen ze besichen, déi hie fir richtig a sënnvoll hält. Den Direkter entscheed awer en fin de compte, wéi eng Formatiounen am Kader vun der Formation continue ugerechent ginn.
- Hält een Enseignant selwer eng unerkannte **Formatioun**, di net an de Kontext vun enger Décharge oder soss engem schouleschen Engagement vum Enseignant fällt, kritt hien déi als **Expert externe** remuneréiert oder am Kader vu senger eegener Formation continue ugerechent.
- Den Direkter vun engem Gebai kann engem Enseignant à titre personnel bis zu **3 Stonne Formation continue** am Joer dofir urenne, dass den Enseignant **Recherche-Aarbecht** am Kader vum Plan de développement scolaire oder engem anere pädagogesche Schoulprojet mécht.
- Wien un enger **Journée pédagogique** deelhält, kritt uni sono di **voll Stonnenzuel** vun där Journée ugerechent, an zwar onofhängeg dovunner, wéi vill Stonne Cours den Dag ggf. ausgefall sinn.

Di offiziell Instruction ministérielle, déi all d'Modalitéite vun der Formation continue vun den Enseignanten zesummefaasst a folglich och di uewe genannten Acquisen ëmfaasst, wäert spëtstens ugangs kommend Woch vum Ministère diffuséiert ginn; mir setzen iech den Ament eng Kopie dovunner op eise Site www.feduse.lu.

Als Gewerkschaft wäerte mir och an deenen aneren Dossieren um Ball bleiwen an iech iwwert weider Entwécklungen um Courant halen.

Mat syndikalisteschem Gréiss

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP